LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2005 vum 4. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Opgeléscht pro Joer an zënter 2019, wéi huet sech d'Zuehl u Persounen entwéckelt, déi an engem Joer méi wéi 77 Deeg am Krankeschäi waren?*

Am Code de la Sécurité sociale ass virgesinn datt d'Gesondheetskeess(CNS) eng "indemnité pécuniaire de maladie" bezillt fir Salariéën, déi wéinst enger Krankheet oder engem Aarbechtsaccident aarbechtsonfäeg sinn. Dës "indemnité pécuniaire de maladie" gëtt vun der CNS iwwerholl vun deem Moment u wou déi virgeschriwwe Periode an där de Salaire weiderhi vum Employeur muss bezuelt ginn iwwerschratt gouf a no der Interventioun vun der Mutualitéit vun den Employeuren (MDE). De Patron muss de reguläre Salaire bis zum Enn vum Mount bezuelen an deem de 77. Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet wärend enger Referenzperiode läit.

Duerch d'Gesetz vum 10. August 2018, dat de Code du travail an de Code de la Sécurité sociale ofgeännert huet, gouf dës Referenzperiode vum 1. Januar 2019 u vun 12 op 18 Méint verlängert.

D'Tabelle 1 informéiert fir wéi vill Salariéeën d'CNS op mannst ee Mol am Joer d'Krankendeeg iwwerholl huet.

**Tableau 1: Évolution du nombre de salariés de statut privé pour lesquels la CNS a au moins une fois pris en charge une absence pour cause de maladie ou d'accident [a)].**

| Année | Nombre de salariés pour lesquels la CNS a pris en charge au moins une fois une absence | Population totale des salariés étant actifs pendant au moins un mois par année | Ratio (%) |
|---|---|---|---|
| 2018 | 20 793 | 442 606 | 4,7% |
| 2019 | 28 193 | 459 452 | 6,1% |
| 2020 | 90 177 | 460 312 | 19,6% |
| 2021 | 28 817 | 477 456 | 6,0% |
| 2022 | 35 664 | 496 703 | 7,2% |
| 2023 | 34 433 | 502 145 | 6,9% |
| 2024 | 35 533 | 504 436 | 7,0% |

*Source : Centre commun de la sécurité sociale, Calculs : Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS).*
*a) Ces chiffres ne sont pas comparables avec d'autre publications de l'IGSS, comme elles tiennent également compte des jours d'absence pour cause d'accident, et excluent le secteur des salariés pour des travaux de ménage et/ou la garde d'enfants engagés par une personne privée.*

Den Zouwuess deen am Joer 2019 observéiert gouf, kann een op déi gesetzlech Ofännerungen zeréck féieren, déi den 1. Januar 2019 a Kraaft getruede sinn. Duerch dës Ofännerung konnten nämlech méi an och méi al Krankendeeg consideréiert gi fir de Seuil vun de 77 Deeg ze bestëmmen. D'CNS huet deemno fir méi Krankendeeg eng finanziell Entschiedegung missen iwwerhuelen.

Déi substanziell Erhéijung am Joer 2020 an hire Réckgang am Joer 2021 erkläert sech duerch d'Kris vun der COVID-19 Pandemie, déi tëscht dem 18. Mäerz 2020 an dem 21. Juni 2020 war. Hei huet d'CNS all d'Krankheetsfäll iwwerholl an zwar vum 1. Dag vum Weiderbezuele vum Salaire un.

Wat d'Joren 2022 bis 2024 betrëfft, sinn am Duerchschnëtt 7,0% vun de Salariéeën déi aarbechtsonfäeg waren, op mannst eng Kéier vun der CNS iwwerholl ginn.

Am Verglach mat de 4,7%, déi am Joer 2018 observéiert goufen, kann den Impakt vum Gesetz vum 10. August 2018 op ongeféier 2 Prozentpunkte méi Salariéë geschat ginn, déi vun der CNS iwwerholl ginn.

*2. Fir déi selwecht Opléschtung, wéi vill Persounen hunn an engem Joer d'Maximaldauer vun den 78 Wochen Krankeschein iwwerschratt a kruten deemno keng Indemnité de maladie méi?*

Am Code de la Sécurité sociale ass virgesinn datt d'Urecht op dës finanziell Entschiedegung vun der CNS och ënnerbrach ka gi. Dëst ass de Fall wann d'Abeschtsonfäegkeet iwwer eng gewësse maximal Durée eraus geet. Duerch dat uewe genannte Gesetz vum 10. August 2018 ass dës maximal Durée vun 12 op 18 Méint erhéicht gi vum 1. Januar 2019 un.

D'Tabell 2 weist wéi vill Salariéë keen Urecht méi op eng "indemnité pécuniaire de maladie" haten.

**Tableau 2: Nombre de salariés ayant épuisé leur droit à l'indemnité pécuniaire de maladie**

| Année | Nombre de personnes |
|---|---|
| 2018 | 1 056 |
| 2019 | 62 |
| 2020 | 115 |
| 2021 | 317 |
| 2022 | 429 |
| 2023 | 407 |
| 2024 | 540 |

*Source : Caisse nationale de santé*

Säitdeem d'Gesetz ofgeännert ginn ass, ass d'Unzuel vun de Salariéeën, déi kee Recht méi op eng "indemnité pécuniare de maladie" hunn, signifikant erof gaang. Am Joer 2018 waren nach 1.056 Salariéë betraff, zanter 2019 sinn et am Duerchschnëtt 312 Salariéeën déi betraff sinn. Et ass bäizefügen datt säitdeem awer eng reegelméisseg Zounam ze observéieren ass, mat 540 Persounen déi Enn 2024 betraff waren.

D'Entwécklung, déi tëschent 2019 an 2021 observéiert gouf, soll awer mat Virsiicht interpretéiert ginn.

2019 ass déi niddereg absolut Unzuel vun de Leit déi keen Urecht méi op eng finanziell Entschiedegung hate mat den Auswierkunge vum Gesetz vum 18. August 2018 ze erklären, dëst well d'Referenzperiod vun 12 op 18 Méint verlängert gouf.

Am Joer 2020 erklären sech d'Zuelen duerch déi sanitär Kriis vun der COVID-19 Pandemie. Een Deel vun de Leit déi u sech schonn 2020 keen Urecht méi op eng finanziell Entschiedegung gehat hätten, goufen op d'Joer 2021 reportéiert.

*3. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1558 vun 2015 goufen Informatiounen geliwwert, wat mat deene Persoune geschitt ass, déi d'Maximaldauer vum Krankeschein iwwerschratt hunn. Kann d'Ministesch d'Zuelen fir d'Joren 2019 bis 2024 virleeën?*

D'Situatioun vun de Salariéeën, déi keen Urecht méi op eng "indemnité pécuniare de maladie" hunn, gouf 6 Méint méi spéit ënnersicht. Fir de néidege Recul ze hunn, gouf just d'Situatioun vu Salariéeën analyséiert deenen hiert Urecht op eng "indemnité pécuniare de maladie" virum Dezember 2023 ausgelaf ass.

D'Tabelle 3 weist d'Situatioun vun de Salariéen nodeems Sie d'Urecht op eng "indemnité pécuniaire de maladie" tëscht 2018 an 2023 verluer hunn.

**Tableau 3: Situation des salariés ayant épuisé leur droit à l'indemnité pécuniaire selon l'année**

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Emploi RI [a)] | 0,1% | 0,0% | 0,0% | 0,0% | 0,5% | 0,2% |
| Emploi hors RI | 12,6% | 11,3% | 5,2% | 8,2% | 10,3% | 10,1% |
| Chômage RE [b)] | 9,1% | 12,9% | 13,9% | 7,6% | 8,9% | 13,8% |
| Chômage hors RE | 18,8% | 19,4% | 11,3% | 14,2% | 14,7% | 17,4% |
| Pension d'invalidité | 27,2% | 24,2% | 34,8% | 34,7% | 34,3% | 24,3% |
| Pension de vieillesse | 3,1% | 0,0% | 4,3% | 6,0% | 3,7% | 3,9% |
| Rente accident | 3,7% | 6,5% | 4,3% | 8,5% | 6,1% | 8,1% |
| Coassurance | 1,0% | 1,6% | 1,7% | 0,9% | 1,4% | 1,5% |
| Prestations FNS [c)] | 0,1% | 1,6% | 3,5% | 0,3% | 0,5% | 1,0% |
| Décédés | 2,2% | 3,2% | 1,7% | 3,2% | 2,6% | 2,0% |
| Autres-résidents | 2,7% | 3,2% | 2,6% | 1,6% | 1,6% | 1,7% |
| Autres-non-résidents | 19,5% | 16,1% | 16,5% | 14,8% | 15,6% | 16,0% |
| Total | 100,0% | 100,0% | 100,0% | 100,0% | 100,0% | 100,0% |

*Sources : Caisse nationale de santé/Inspection générale de la sécurité sociale (IGSS), Calculs : IGSS*
*a) RI : salariés en reclassement interne*
*b) RE : salariés en reclassement externe*
*c) FNS : Fonds national de solidarité*

Opwuel d'Situatioun vun de Betraffenen an de 6 Méint nom Auslafen op d'Urecht vun enger "indemnité pécuniaire de maladie" evoluéiert gouf, falen 2/3 vun hinnen an de Chômage, bezéien eng Invaliderent oder bleiwen aktiv um Aarbechtsmarché.

6 Méint nom Auslafen op d'Urecht vun enger "indemnité pécuniaire de maladie" ass d'Situatioun vun de Betraffenen fir 2023 follgend:

- 67,5% bezéien e "revenu de remplacement", dorënner
  - 24,3% eng Invaliderent,
  - 17,4% "indemnités de chômage hors reclassement externe" (RE),
  - 13,8% "indemnités de chômage en reclassement externe",
  - 8,1% eng Unfallrent an
  - 3,9% eng Alterspensioun ;
- 16,0% wunnen a schaffen net zu Lëtzebuerg a bezéie keen Ersatzrevenu a keng sozial Leeschtunge vu Lëtzebuerg ;
- 10,3% schaffen, dorënner e minimalen Deel am reclassement interne (RI) ;
- 2,0% si verscheed ;
- 1,5% si "co-assurés non actifs" ;
- 1,0% bezéien Prestatioune vum Fonds national de solidarité (FNS) ;
- 1,7% sin Awunner an enger net identifizéierter Situatioun, dat heescht sie falen ënnert keng vun de virgenannte Kategorien.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez